LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Plan de développement de l'établissement scolaire

## Cycle: 2024-2027

## Formulaire pour la phase d'approbation

pds
Plan de développement
de l'établissement scolaire
Enseignement fondamental

**Nom de l'école**

Ecole de la Commune de Stadtbredimus

# Formulaire pour la phase d’approbation du PDS

## Appréciation générale du bilan du précédent PDS

An eisem PDS hate mir eis als éischt Ënnerzil Follgendes gesat:
Mir wëllen eis Praxis an de Beräicher vun den Inhalter, der Methodik, den Unterrechtsmaterialien, der Evaluatioun an den Erwaardungen un d'SchülerInne géigesäiteg transparent maachen, esouwuel an de Cyclen ewéi och tëschent de Cyclen.
Dëst schéngt allgemeng an de Cyclen gutt ze funktionéieren. E reegelméissegen Austausch an de Cyclen fënnt statt. Den Austausch tëscht de Cyclen fënnt éischter a Form vun enger „Iwwergab“vun de Schüler um Enn vum Cycle statt. Den Austausch mat anere Parteie wéi SEA, IEBS, ESEB, Assistante sociale leeft gutt. Wat de Kontakt mat den Elteren ugeet, ass deen an de verschiddene Cyclen éischter ënnerschiddlech.
Eng gutt Zesummenaarbecht an eng gutt Ambiance am Team dréit dozou bei, dass och d’Kanner sech wuel spieren a positiv an hirem Schaffen a Léiere beaflosst ginn. Och d’Elteren hunn d’Gefill, dass eng gutt Ambiance ënnert de Léierpersounen herrscht.
Och wollte mir vunenee léieren an Erfarungen austauschen an dobäi oppen Dieren hunn, fir eis géigesäiteg an Abléck an eis alldeeglech Aarbecht ze erméiglechen. Dëst geschitt virun allem am Cycle awer manner Intercycle (2 Gebaier, Zäitmangel...).
Intercycle Versammlungen ginn éischter sporadesch gemaach. Wéi schonn erwäänt, fannen déi haaptsächlech um Enn vum Cycle statt, fir den Iwwergang ze maachen. Hei gëtt sech dann iwwert d’Schüler ausgetosch, fir déi beschtméiglechst am nächste Cycle ze empfänken.
Mir haten eis och virgeholl eis zousätzlech zu eisen organisatoresche Plenièren, reegelméisseg an enger Plenière ze gesi fir zesummen iwwer Suergen a Projeten ze schwätzen. Dëst ass elo net geschitt well een einfach am Schoulalldag schon esou vill huet, dass een net dozou kënnt, och nach Plenièren ze organiséiere, fir iwwer Suergen a Projeten ze schwätzen.
Mir wollten och schoulintern Formatioune maachen. Dëst ass eis och gelongen a mir hunn der 3 konnten organiséieren. De Fait, dass een ënner Kolleegen ass an sech net wäit muss deplacéieren, vereinfacht et, d’Personal zesummen an eng Formatioun ze kréien. Fir d’Kanner ass dëst och wäertvoll, well mir domadder eng Kontinuitéit an eisem Schaffen hierstellen.
Als zweet Ënnerzil wollte mir d'Zesummenaarbecht tëschent de Klassen an engem Cycle fërderen, esouwuel fir d'Léierpersonal ewéi och fir d'Kanner.
Dëst gëtt esou gutt et geet gemaach. Am C2 an am C4 gi Fächer zesummegeluecht an et gëtt am Cycle geschafft. Et géif een nach gär méi maachen, et scheitert allerdéngs ëfters u Plaazmangel, Zäitmangel oder de Budget ass einfach net do,fir méi op d’Been ze stellen.
Als drëtt Ënnerzil wollte mir den Eltere méi kloer maachen, wéi am jeeweilege Cycle geschafft an evaluéiert gëtt, a wéi ee Wëssen d'SchülerInnen opbaue musse fir weiderzekommen. Dëst gëtt an all Cycle gemaach, d’Form an där et gemaach gëtt, kann allerdéngs änneren (Portfolio, Classeur, Eltereversammlung, Dimmi…)
D’Evaluatioun ass am C3 an am C4 ugepasst, fir den Elteren e bessert Verständnis vun der Evaluatioun ze ginn an de Kanner eng Kontinuitéit ze bidden. Och den C2 ass um Wee dëst méi eenheetlech ze maachen.
Fir d’Eltere schéngt d’Evaluatioun vun hirem Kand awer trotz eise Beméiungen net ëmmer evident ze sinn. Un deem Punkt musse mir wieder schaffen. Erwënscht fir och dass vum Ministère Informatiounsmaterial fir d’Eltere géif ausgeschafft ginn, fir dass d’Evaluatioun méi iwwersichtlech gëtt.

# Etat des lieux

## Dates clés

### Validation en plénière
15/05/2024

## Avis du directeur de région
24/05/2024

## Avis des représentants des parents d'élèves
21/05/2024

# Constats sur la situation actuelle par domaine

## Amélioration de la qualité de l'enseignement (*)
Sozialverhalen an Autonomie ginn als Fundament unerkannt

Wat maache mir an dësem Beräich?
- vill Austausch am Cycle
- gemeinsam Prozedure fir d'Evaluatioun
- gemeinsam Dossieren am Däitschen (C2)
- gemeinsam Ausflich (C1 bis C4)
- gemeinsam Fächer, Niewefächer, Projeten (C4 an deelweis C2)
- Oppenheet, Bereetschaft Material ze deelen
- gemeinsam Formatiounen, mat deem aneren an d'Gespréich kommen

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?
- allgemeng Betounung vum Team, Equipe pédagogique mat gedeelten Iddien (ass awer nach net iwwerall ginn)
- Enseignant ass ëmmer méi Ersatzmamm/-papp

Wou wëlle mir optiméieren?
- méi gemeinsam Zesummenaarbecht am C3 mëttelfristeg
- méi Austausch Intercycle iwwer Kanner + Methoden
- weniger ist mehr - "Mut zur Lücke"
- MIR als Equipe -> MIR als Schoul

- Grondlinne pro Cycle ausschaffen, Koherenz sécherstellen

## Collaboration école-maison relais (*)
Wat maache mer an dësem Beräich?
- 1x pro Trimester gemeinsam Concertatioun
- reegelméissegen Austausch
- vill alldeeglech Kommunikatioun dank 1 Site

- Begleedung beim Sport
- Bus-Begleedung
- Si begleeden eis als Traducteur bei de Bilansgespréicher

- Zesummenaarbecht (z.B. Wortschatz C2)
- Sexualopklärung (C4)

- Präsenz an der MR, an der Mëttesstonn mat de Kanner iessen (?)

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?
- Fir Elteren a Kanner gëtt et keng kloer Grenz tëscht SEA a Schoul (Reegelen, Kommunikatioun)

Wat sollte mer maachen? Wat kéinte mer maachen?
- Appui pédagogique als Hausaufgabenhëllef
- Hausaufgabenopsiicht nei evaluéieren
- gemeinsam Reegelen (Haffreegelen, iPads, Laptop, allgemeng....)

- gemeinsam Journée pédagogique
- gemeinsame Stonneplang mat der SEA opsetzen, wie wéini wou kann aushëllefen
- 'Time-out'-Iddi verdéiwen
- Funktiounsraim deelen? -> PEP?
- gemeinsame Budget fir d'Sportsmaterial
- Guide des parents zesumme mat der MR ausschaffen.

Optimisatioun

- Gemeinsam Reegelen?

## Coopération avec les parents d'élève (*)

Wat maache mer an dësem Beräich?
- reegelméissegen Austausch
- verbessert Kommunikatioun (Dimmi, Website, Postmapp...)
- Elterevertrieder abezéien, ëm Rot froen
- Eltere responsabiliséieren
- Transparenz

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?
- Kontakt gëtt oft eréischt gesicht, wann d'Kand am Pëtz läit
- net ëmmer einfach de Kontakt mat Elteren opzebauen

Wat sollte mer maachen? Wat kéinte mer maachen?
- Plang fir d'Elteren ausschaffen, wat an deenen eenzele Cyclen um Plang steet (Fahrplang, wourunner gëtt geschafft)
- Vertrauen opbauen
- konstruktiv Kritik (net ëmmer negativ Saachen)

- d'Eltere méi an Aktivitéiten abannen (Ausstellungen, Virliesen, Theaterprojet

## Développement des compétences interculturelles et l'encadrement des élèves issus d'un contexte migratoire (*)

Wat maache mer an dësem Beräich?
- VieSo - iwwer Fester schwätzen
- Schoulbicher gi Villfalt vir
- Geschlechteridentitéit am Sexualunterrecht (C4)
- Iwwersetzungsprogrammer kommen an den Asaz
- Multikulti-Fest (an der Zäit zu Greiweldeng)
- sproochlech Ressource gi genotzt (SEA/Kanner)
- SEA: Iwwersetzung bei de Bilans

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?
- Relioun(en) ass en heikelt Thema
- Lëtzebuerger Kultur ass eis wichteg
- mir si keng Experten vun anere Kulturen -> extern Persoun
- ënnerschiddlech Approche vun den Elteren zu verschiddenen Themen
- Eltere komme Geschichten an hirer Mammesprooch virliesen (an der Zäit)
- Akzeptanz fërderen
- aner 'Erfarungen' wäertschätzen
- schwiereg: Englesch ëmmer méi als Haaptsprooch

## Encadrement des EBS (*)

Selbstännegkeet fërderen
Bléck vum anere Kolleeg gëtt gefrot

Wat maache mer an dësem Beräich?
- op Léierschwieregkeeten agoen
- op Verhalensopfällegkeeten agoen
- differenzéieren
- zäitlechen Décloisonnement an zwou Richtungen
- Kanner, déi et brauchen, kréie méi Hëllef
- Hëllef vun anere Kanner
- wa mir mat engem Kand un d'Limite kommen, spréngt eng aner Klass am Cycle an
- flexibelen Asaz vun de Leit aus der ESEB

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?
- et hëlleft een deem eenzele Kand, et deet och deenen anere Kanner an dem Enseignant gutt
- Zesummenaarbecht IEBS an ESEB: ganz gutt, onkompliziéiert a selbstverständlech
- gëtt vun de Kanner als Strof ugesinn (+ an -)
- et kann een net ëmmer all de Schwieregkeete gerecht ginn

Wat sollte mer maachen? Wat kéinte mer maachen?
- gemeinsam Responsabilitéit fir d'Kanner am Team
- Teamteaching - Modeller?

Wat wëlle mir innovéieren?
- Autonomie, Léierraim méi fërderlech gestalten, thematesch Ecken

Wou wëlle mir optiméieren?
- gemeinsam Responsabilitéit fir d'Kanner an alle Cyclen
- dem Kand den Décloisonnement erklären, an och den Elteren
- Autonomie beim Kand brauch d'Vertraue vun den Elteren, och wat d'Hausaufgaben ubelaangt, Responsabilitéit
- ESEB-Leit sollten nach méi autonom kënne schaffen, méi Handlungsfräiheet

- Faarwe vun de Fächer iwwerpréiwen

# Intégration des TIC (*)

Enseignanten + Medien

• Dateschutz, Internetsécherheet • OneDrive (den C2 brauch nach eng kleng Formatioun), Edufiles, Teams Ëmgang mam Teams „Schoul StGr“, wou een all déi wichteg Dokumenter a Formulairë fënnt • Benotze vum Dimmi Erstellen vun News Erstellen vu Klassesäit an déi verschidde Méiglechkeete kenneléieren, wéi een domat schaffe kann • Benotze vun der interaktiver Tafel • iPads/PC an den Unterrecht integréieren, selwer déi verschidden Apps ausprobéieren an d’Méiglechkeete fir den Unterrecht am Cycle ausschaffen • Kodéieren an den Unterrecht integréieren (am Prinzip huet een dat schonns ëmmer gemaach, woar engem just net esou bewosst an huet net de Numm Kodéiere gehat) • Wortsheetcrafter (vill schaffen domadder, aner wëllen domadder ufänken, anere wëlle guer net domadder schaffen) • Storyboard

Cycle 1 • Kodéieren: Spill: Let’s go code, Cubetto, Mustererkennung, Smart Games, GANZ VILL „unplugged“ am deegleche Schoulalldag (eenzel Schrëtter absolvéieren, eenzel Handlungen, Reiefolleg…) • Sproochlech Fërderung: Bildzeenen beschwätzen • Mathematesch Fërderung: Geometresch Strukturen, erkenne vu Motiver…

Cycle 2 • Kodéieren: GANZ VILL „unplugged“ am deegleche Schoulalldag (eenzel Schrëtter absolvéieren, eenzel Handlungen, Reiefolleg…) • Texter schreiwen: um Computer • Bedéngen an Uwenden: Ëmgang mam iPad a Laptop: Eng App um iPad fannen, Login mat Passwuert aginn, nom Gebrauch och all Apps zoumaachen, iPad a Computer richteg ausmaachen. • Dateschutz + Internet: net alles wat en am Internet fënnt ass wouer FakeNews , YouTube • Mathematesch Fërderung: Mustererkennung, Algorithmisches Denken, Debugging, Anton • Sproochlech Fërderung: kleng Video’en dréien, Rollespiller, Franséisch Sätz verbildlechen, Anton

Cycle 3 • Kodéieren: Scratch, Boteley a vill “unplugged” Coding Aktivitéiten • Bedéngen an Uwenden: Schaffe mam PC, iPad a Laptop: Maus, Tastatur, PC richteg ausmaachen, iPad a Laptop richteg zeréckleeën, alleguerten Apps zoumaachen, wéi späicheren ech eppes of. Schaffe mam Office365 • Texter schreiwen: um PC/iPad, Späicheren, Korrekturprogramm • Recherchéieren: Informatioune sichen, analyséieren, filteren um Internet, och Google, Wikipedia, YouTube • Dateschutz + Internet: Internetsécherheet, Risiken a Chancë vun den digitale Medie kenneléieren, erkenne vu Werbungen net alles wat en am Internet fënnt ass wouer FakeNews , YouTube • BeeSecure • Medienbenotzung: Säin eegene Mediekonsum doheem reflektéieren. • Mathematesch Fërderung: Anton, MathemaTic • Sproochlech Fërderung: Anton Den C3 ass ganz néi besat, an net jiddereen weess wat déi vun deene Joaren virdru gemaach hunn.

Cycle 4 • Kodéieren: Ozobot +Scratch • Bedéngen an Uwenden: Schaffe mam Office365: Texter schreiwen, beaarbechten, ofspäicheren am Word • Recherchéieren: Informatioune sichen um PC an iPad, analyséieren, filteren um Internet, och Google, Wikipedia, YouTube • Präsentéieren: Word/Powerpoint (och Quellen ugi wou een d’Informatioun fonnt huet) • Edubreakout • Learningapps erstellen • Dateschutz + Internet: Internetsécherheet (Login + Passwuert), Geforen am Internet erkennen, Risike vun der Benotzung vum Chat, Digital Medie verantwortungsbewosst a sënnvoll notzen, Cybermobbing, Méiglechkeeten a Gefore vun de sozialen Netzwierker • Medienbenotzung: Säin eegene Mediekonsum doheem reflektéieren. • Storyboard

# Organisation de l'appui pédagogique (*)

Flexibilitéit

Wat maache mer an dësem Beräich?
- ee Kand / e Grupp vu Kanner aus der Klass eraus an en anere Raum
- Appui converti en leçons d'enseignement direct fir Stonnen ze sammele fir Klassen opzedeelen
- als Hausaufgabenhëllef no der Schoul
- flexibel asetzen, je no Besoin upassen
- den Appui gëtt agesat fir bei Aktivitéiten/Projeten/Gaart... zu 2 Léierpersounen ze sinn
- d'Maison relais hëlleft aus

Wéi bewäerte mer dat, wat mer maachen? Ursaachen?

- di Kanner, di erausginn, verpassen, oder wann Appui ass, da leeft grad eng flott Aktivitéit an der Klass
- eiser Meenung no hu mir vill Flexibilitéit an d'Kanner si frou, wann se rausgeholl ginn. Si schaffen da jo eppes aneres.
- mir differenzéieren
- wann Hausaufgabenhëllef: Problem Trajet Greiweldeng
- Hausaufgabenhëllef: Fro: Fach -> wiesselen? Organisatioun (??)

Wat sollte mer maachen? Wat kéinte mer maachen?

- Appui op de ganze Cycle setzen, net op eenzel Klassen

- eng Ëmfro starten, wie méi flexibel ass fir Hausaufgabenhëllef no der Schoul unzebidden

### Accompagnement psycho-social et éducatif

## Conclusions (forces, faiblesses, opportunités…) issues des constats réalisés

### Forces:

- Gutt Zusammenaarbecht/Kommunikatioun mam SEA, déi weider ausgebaut soll ginn

- Zesummenaarbecht an den Ekippen (Cyclen) ass ëmmer méi wichteg ginn

### Faiblesses:

-IT funktionnéiert net zouverlässeg a muss ausgebaut ginn

-Kommunikatiounsweeër tëscht de verschiddene Partner si net ganz effizient

-Net jiddereen huet d'Gefill dozou ze gehéieren,et fillt een sech ausgegrenzt

-Net genuch Aarbecht tëscht de Cyclen

### Important / Opportunités / Risques:

Mir hunn 2 Schoulgebaier,wat schaffen Intercycle oft schwiereg mecht.Mir kréien an de kommende Joeren ëmmer méi héich Klasseneffektiffer an domat musse mir léieren ëmzegoen.

## Priorités retenues pour le PDS

Collaboration avec SEA

- développer l'accompagnement pour les devoirs à domicile

- revoir et établir des règles communes éventuelles

-consolider la communication entre le personnel d'école et SEA

# Planification PDS

## Objectif(s) PDS et grandes lignes de réalisation

### Mir bauen d'Zesummenaarbecht tëscht Schoul a SEA aus.:

D'Equipes pédagogiques vun de Cyclen 2-4 klären am Austausch ënnerteneen d'Form, de Contenu an d'Quantitéit vun den Hausaufgaben, déi mir de Kanner opginn, fir den Ëmgang domat an der SEA (an och doheem) ze vereinfachen.

Mir stellen Schrëtt fir Schrëtt mat dem SEA eng gemeinsam Hausaufgabenbetreiung op d'Been a maachen dës Kooperatioun vis-à-vis vun den Elteren transparent.
*(Mir sinn zu 7-9 bereet fir dat am Roulement ze maachen.)*

Schoul a SEA bauen hir Kommunikatioun ënnerteneen aus. Als Schoulpartner lauschtere mir een op deen aneren a mir tauschen eis aus.

Mir entwéckelen eng méi kohärent gemeinsam Kommunikatioun vun der Schoul an dem SEA mat den Elteren, esouwuel fir si ze informéieren an ze beroden, ewéi och fir hinnen nozelauschteren.

Mir schaffen u gemeinsame Reegelen (am Schoulhaff, Ëmgang mam Material an am spezielle mam IT-Material) a maachen se vis-à-vis vun de Kanner an Elteren transparent.

Mir notzen no an no optimal d'Raimlechkeeten an d'Material vun eisen zwou Institutiounen.

# Thèmes & Activités hors PDS

## Thèmes et activités à consolider/maintenir au niveau du développement de l’école